1. Editioun 05/23

# TEENS PERSPECTIVES

## THEMEN VUN DER ÉISCHTER EDITIOUN

WEEN SI MIR?

AKTIVITÉITEN AM MEE

DEN JUGENDHAUS ALLDAG

PROJETEN & MÉI

ZESUMMENAARBECHTEN


WEEN INTERESSÉIERT ET?

WAT LEEFT AM JUNI?



# WEEN SI MIR?

**Andrea Khoilar, 28, éducatrice diplomée**



"Ech schaffen säit 2016 am Jugendhaus Wormer. Un der Aarbecht am Jugendhaus gefält mir virun Allem den Kontakt mat Jonken op Aenhéicht an dass mir hinnen an dem Kontext en Raum bidden können, wou sie sech wuel spieren, kreativ können ginn an sech fräi entfalen dierfen."

**Kelly Weiland, 28, éducatrice diplomée**



"Säit zimmlech genee zwee Joer schaffen ech zesummen mam Andrea am Jugendhaus Wormer. Mir gefält Villfältegkeet am Jugendhaus an dass d´Jonker Chance hunn sech mat anzebréngen. Ech sinn ëmmer rëm iwwerrascht wéi vill Potential an Eegeninitiative d´Jonker hu."

**Yannic Rosinus, 20, Volontair (SNJ)**



"Säit Februar 2023 maachen ech män Volontariat am Jugendhaus. Ech fannen d´Aarbecht mat den Jonken immens spannend. Et mëscht Spaass mat den Jonken zesummen Aktivitéiten an Projeten ze plangen."

# AKTIVITÉITEN AM MEE

## KUCHVERKAF OP VERSCHIDDENEN EVENTER

Den 1. Mee ware mir um Hiphop Campus um Briddel an den 6. Mee um Stroossemaart zu Waasserbëlleg. Do hu mir am Kader vun eisem Projet "Summervakanz" Kuch an Cake-Pops verkaf!
Fir Weideres iwwert eise Projet ze liesen, kuckt an der Rubrik "PROJETEN & MÉI" op der Säit 6.

### HIPHOP CAMPUS BRIDDEL



### STROOSSEMAART WAASSERBËLLEG



# AKTIVITÉITEN AM MEE

## EUROPAPARK




Den 9. Mee waren mir zesummen mam Jugendhaus Briddel am Europapark an hun en flotten Dag verbruecht!

## NUIT DU SPORT EHNEN

Op der Nuit du Sport zu Ehnen (13.05.) hunn d ´Jonker selwer gemaachen alkoholfräi Cocktailen verkaf.

Donieft konnt een den ganzen Dag verschidden Sportaarten kenneléieren.

Ënnert anerem konnt een Fussball-Pong, Bodykicker, Torwandschéißen, Hiphop, Skateboard, Trottinett, Dëschtennis, Waassersport ausprobéieren.









# AKTIVITÉITEN AM MEE

## EN DAG UN DER MUSEL

Den 27. Mee si mir moies mam Vëlo vu Wormer lass gefuer bis op Bech-Klengmaacher. Do hu mir den ganzen Dag mat den Jugendlechen an Educateuren vun Waasserbëlleg, Jonglënster a Bartreng verbruecht. Nieft Grillen, Chillen an Outdoorspiller, hu mir eis beim Wakeboard an Waasserschi gutt ofgekillt! Owes si mir dann eisen Retour mam Vëlo ugetrueden an hunn eis eng gutt verdéngten Glace zu Réimech gegënnt.





Den 9. September 2023 fënnt den nächsten "Dag un der Musel" statt!

## FRÉIJOERSBOTZ

E puer Jonker waren ganz motivéiert an hunn ugefaangen eis Terrass ze botzen! Lo kann den Summer kommen!



# JUGENDHAUS ALLDAG

## ZESUMMEN KACHEN, BAKEN, IESSEN AN RAUMEN







Reegelméisseg zesummen kachen steet am Jugendhaus all Freiden um Programm. Jiddereen bedeelegt sech, sief et beim akafen, kachen oder ofraumen an spullen. Donieft hunn d´Jonker ëmmer d´Méiglechkeet spontan eppes ze kachen, ze baken oder eppes Gesondes ze zauberen, aus dem wat do ass!









## BILLARD, KICKER, GESELLSCHAFTSSPILLER & CO

Gesellschaftsspiller a Billard sinn am Moment am Jugendhaus immens beléift!










# PROJETEN & MÉI

## ENG VAKANZ FIR "NÄISCHT"?

Ufank 2023 huet sech eng Grupp vu 6 Jonker fir den Projet "Wir entdecken die europäische Union" getraff.






Wärenddeems koumen si an d´Gespréich iwwer verschidden Länner an der EU an dass si gären eng Vakanz zesummen verbréngen géingen. Fir d´éischt goufen all Iddien an Käschten vu sou enger Vakanz opgeléscht an an engem Mindmap festgehalen. No puer Treffen stoung e Plang wéi sou eng Vakanz kéint ausgesi. Sie hu sech fir Destinatioun Pula a Kroatien festgeluecht. Allerdéngs ass esou eng Vakanz deier. Sou huet sech de Grupp entscheet puer Aktiounen ze lancéieren, wou si Suen era kréien. Aus Käerzenreschter hunn déi Jonk nei Käerzen hiergestallt an déi verkaf. Och un Eventer ewéi um Hip Hop Campus um Briddel an dem Stroossemaart zu Waasserbëlleg hu sech d´Jonker duerch de Verkaf vu Kuch hire Budget fir d´Rees erschafft. Aktuell feelen net méi vill Suen fir dass si "fir näischt" an d´ Vakanz können.






Dir fannt eis den 22. Juni zu Wormer fir den Virowend vu Nationalfeierdag mat engem Stand zesummen mat der Natur an Ëmwelt. Do verkafe mir selwer gemaachen Ice Tea mat Peffermënz aus dem Gaart an eis flott Seefen am rout-wäiss-blo.



# ZESUMMENAARBECHTEN

## MAISON RELAIS BILLEK



All Donneschden kommen d´Kanner aus der Maison Relais an d´Jugendhaus fir zesummen u Lidder ze schaffen, déi opzehuelen an ze beaarbechten. Zwee engagéiert Jugendlecher ënnerstëtzen d´Kanner aus der Maison Relais dobäi.





## KOMM MAT AN DEN GAART!


Zesummen mat der Natur an Ëmwelt vu Wormer schaffen eis Jonker am Gaart. Dëst Joer goufen scho zwee Hochbeeter, e Kompost gebaut an verschidden Planzen gesat. Mir freeën eis scho geschwënn eis eegen d´Geméis aus dem Gaart bei Kachaktivitéiten ze benotzen.












# WEEN INTERESSÉIERT ET?


## Iwwersiicht vun den Visiteuren vu Mee 2023

Op 19 Ëffnungsdeeg am Mound Mee 2023 kommen 221 Visiteuren gesamt. Dëst ass en Dagesduerchschnëtt vun 11,6 Visiteuren den Dag.

Am éischten Diagramm ass d´Opdeelung vun männlechen (49%) an weiblechen (51%) Visiteuren am Mound Mee ze gesin.




Den zweeten Diagramm stellt den Duerchschnëtt vun den Visiteuren pro Wochendag am Mee dur.



# WAT LEEFT AM JUNI?

## Eisen Aktivitéitsplang fir de Juni

| | |
|---|---|
| 9. JUNI | **Präparatiounen fir d´Porte Ouverte**<br>mir baken an präparéieren eis fir d´National Porte Ouverte |
| 9. JUNI | **Surfen**<br>No den Präparatiounen fueren mir op Esch op d´Place des Remparts an ginn do eng Ronn Surfen. |
| 10. JUNI | **National Porte Ouverte**<br>Jiddereen ass wëllkomm, op grouss oder kleng! |
| 17. JUNI | **FunParkCup**<br>Déi 9. Editioun vum FunParkCup fënnt statt! Komm laanscht a verbréng e flotten Dag mat eis! |
| 24. JUNI | **Kayak & Vëlo fueren ODER an d´Schwemm?**<br>Entscheet mat wat mir ënnerhuelen! Am Jugendhaus fënns du en Ziedel fir deng Stëmm ofzeginn! |
| 30. JUNI | **Skihall Amnéville**<br>Mir fueren zesummen op Amnéville an Skihall! Mell dech mat Zäiten un, Plaze si limitéiert! |
| ALL DONNESCHDEN | **Musekworkshop**<br>Zesummen mat der Maison Relais fannen Workshops statt. Hei kanns du deng eege Musek produzéieren. |
| ALL FREIDEN | **Kachen oder Grillen**<br>Mir grillen oder kachen, iessen an raumen zesummen! |

**Fir weider Infoen mell dech bei eis!**

jugendhauswormer

94, rue principale
L-5480 Wormeldange

Andrea 621 338 125
Kelly 621 836 685

Andrea Jugendhaus Wormeldange
Kelly Jugendhaus Wormeldange